N°2979
Entrée le 28.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 2979 vum 2. Oktober 2025 vun den Deputéierten Fred Keup, Alexandra Schoos an Tom Weidig.**

***Fro 1:***

***Kann d'Regierung preziséieren, wéi eng Sproochniveauen nom Gemeinsamen europäesche Referenzkader aktuell fir déi eenzel Karriäre bei der Arméi gëllen a wéi eventuell Leeschtungsënnerscheeder tëscht den dräi Verwaltungssprooche begrënnt ginn?***

Déi gefuerderte Sproochniveau sinn an zwee groussherzogleche Reglementer festgehal:

- Karriärsmilitär: Artikel 11, Paragraf 2, vum *Règlement grand-ducal modifié du 6 novembre 2023 relatif au recrutement et à la formation du personnel militaire de carrière*
  - Catégorie de traitement A:
    - Lëtzbuergesch, Franséisch: mindestens Niveau B2;
    - Däitsch: mindestens Niveau B1;
    - Englesch: mindestens Niveau B1.
  - Groupe de traitement B1:
    - Lëtzbuergesch: mindestens Niveau B2;
    - Franséisch: mindestens Niveau B1;
    - Däitsch: mindestens Niveau A2;
    - Englesch: mindestens Niveau A2.
  - Catégorie de traitement C :
    - Lëtzbuergesch, Franséisch: mindestens Niveau B1;
    - Däitsch: mindestens Niveau A2;
    - groupe de traitement C1 - Englesch: mindestens Niveau A2.
- Zaldot·inn·en: Artikel 11, Paragraf 2, vum *Règlement grand-ducal du 18 juillet 2025 déterminant les conditions et modalités d'inscription et d'organisation de la procédure de sélection pour l'admission à l'instruction de base des soldats volontaires*
  - Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch: mindestens Niveau A2.

Dëst kann een och um Site vun der Arméi (https://armee.public.lu/fr/engager/offres-demploi/postes-militaires.html) bei der Informationsfiche vun de verschiddene Kärriaren noliesen.

Déi verlaangte Sproochenniveaue sinn un déi verschidde Karriäre gebonnen. Fir méi héich Karriäre gëtt méi en héijen Niveau gefrot an ëmgedréint, ouni dass e gewëssenen Niveau ënnerschratt gëtt. Wärend hirer Karriär oder Déngschtzäit verbesseren d'Militär och hir Sproochkompetenzen andeems si verschidde Formatiounen zu Lëtzebuerg an am Ausland maachen.

Bei den dräi Verwaltungssprooche gëtt am meeschte Gewiicht op d'Lëtzebuergescht, well et déi alldeeglech Ëmgangssprooch an der Lëtzebuerger Arméi ass, an op d'Franséisch, well d'Korrespondenz an d'Uerderen an där Sprooch sinn, geluecht. Gutt Franséischkenntnisser sinn och wichteg well déi meescht Formatiounen am Ausland an der Belsch an a Frankräich absolvéiert ginn.

***Fro 2:***

***Kann d'Regierung preziséieren, ob d'„épreuve de connaissances générales" just op Franséisch oder och an deenen zwou anere Verwaltungssproochen ugebuede gëtt? Am Fall, wou se just op Franséisch ugebuede gëtt: Aus wéi enge Grënn gëtt se net och op Lëtzebuergesch an op Däitsch ugebueden?***

D' "épreuve de connaissances générales" gëtt aktuell just op Franséisch ugebueden, well dëst déi féierend Verwaltungssprooch fir d'offiziell Kommunikatioun an der Arméi ass an d'Formatiounen op déi d'Militär geschéckt ginn haaptsächlech op Franséisch sinn.

Bei der Selektiounsprozedur vun den Zaldot·inn·en ass keng "épreuve de connaissances générales" virgesinn.

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2025.

D' Verdeedegungministesch

(s.) Yuriko Backes